N°2300
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An de vergaangene Jore gouf der Ëmweltverwaltung bei verschiddenen Decisiounen eng ze streng a restriktiv Ausleeung vum Gesetz virgeworf, grad bei de Prozeduren, déi d'Neibauten oder d'Renovéierung vu bestoende Gebaier a Gréngzone betreffen (Artikel 6 a 7 vum Gesetz).

Déi deemolëg Deputéiert an haiteg Landwirtschaftsministerin hat zu den Decisiounen vun der Ëmweltverwaltung Folgendes gesot: *"Ich bin skeptisch, vor allem was Artikel 7.1 des Gesetzes betrifft. Dieser legt bekanntlich fest, dass das Ministerium beurteilen kann, ob ein Gebäude in die Landschaft passt oder nicht. Eine sehr vage Formulierung. Und eigentlich müsste der Artikel ganz gestrichen werden."*

Vu ronn 20.000 Demanden si ronn 1.000 Stéck an de leschte Joren ofgeleent ginn (Äntwert op d'Fro n°632).

An engem Fall an der Natura2000 Zon "Vallée de la Mamer et de l'Eisch" krut ee Landwirt de Bau vun engem klengen Ënnerdaach fir de Stockage vun Holz op engem scho mobiliséierten Terrain gestoppt, wärend aner Bauten, déi net wäit ewech leien a vum Ëmfang an Impakt op d'Ëmwelt hir gläichwäerteg oder souguer méi grouss sinn, hunn dierfte gebaut ginn. D'Kohärenz vun den Decisiounen ass hei net ersiichtlech.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi den Ëmweltminister op meng virëg parlamentaresch Fro n°2083 äntwert, hätt d'Ëmweltverwaltung net déi néideg digital Moyenen zur Verfügung, fir kënnen ze kucken, wéi d'Demanden beschafft ginn.

   Wäert den Ëmweltministère dës Donnéeën an Zukunft statistesch sammelen, soudass ka gekuckt ginn, firwat Demanden ugeholl oder ofgeleent ginn?

   Falls nee, firwat net?
   Falls jo, ab wéini?

2. De Minister schreift a senger leschter Äntwert och, dass d'Dokumenter, op deenen eng Decisioun berouht, kënnen am Prinzipp ugefrot ginn. Kann een Demandeur och d'Decisiounen vun anere Projeten, déi accordéiert oder ofgeleehnt goufen, agesinn an dës Dokumenter ufroen? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten